

Zesumme liewen, ass dat méi bëlleg?

Doduerch dass d'Käschte gedeelt ginn, kann ee vill spueren.

1. En individuellen, dann e gemeinsame Bilan opstellen

Fir d' éischt sollt jiddwereen eng Lëscht vu senge Bienen a Scholden opstellen.

2. Bei dir, bei mir oder bei eis?

Wann een zu zwee zesummenzitt, bedeit dat noutgedrongen, Entscheidungen ze treffen. Wann Dir lech fir eng Copropriétéit entscheet, sollt Dir fir d' éischt en Affekot oder e Notaire opsichen, fir gerecht Regeln opzestellen.

3. E gemeinsame Budget opstellen

3 Méiglechkeeten:

- Gemeinsamt Dëppen: ka vill Konflikter entstoe loosse wann ee vun de Conjointë ganz verschwenderesch matt Suen ëmgeet oder wann d'Ënnerscheeder beim Akommes ze grouss sinn. Nodeel: de gemeinsame Kont kann agefruer gi, wann ee vun den zwee Conjointë stierft.
- Hallef-hallef: D'Opdeelen an zwee gläich grouss Deeler kann eng Léisung sinn, wann déi zwee Conjointë vergläichbar vill verdéngen
- Prorata: Déi gemeinsam Ausgabe ginn am Verhältnis zu der Pai vu jiddwerengem gedeelt.

4. Kee soll sech op Käschte vun deem anere beräicheren

Och wann et vläicht kammoud schéngt wann Dir manner wéi Äre Partner verdéngt, tappt net an déi Fal, dass Dir déi meeschten dagdeeglech Ausgaben iwwerhuelen an Äre Partner a sengem eegenen Numm eleng déi durabel Biene bezuele loosst.

5. E Contrat de vie commune oder eng Convention patrimoniale ofschléissen

Leet elo, wou alles gutt leeft, d' Regele fir de Fall vun enger Trennung fest: wéi verschidde Wäerter gedeelt ginn, den Inventaire an d' Opdeele vun de gemeinsame Bienen, wie behält d' Haus asw. Haalt des Regeln an engem Contrat de vie commune fest, wann Dir zesumme leeft oder an enger Convention patrimoniale, am Fall vun enger deklarierter Partnerschaft bei der Gemeng an där Dir wunnt. Zéckt net, iech un en Affekot oder e Notaire ze wende fir dës Dokumenter opzesetzen.